REGLEMENT VUM NATIONALE CONCOURS JONK FUERSCHER 2021

(Versioun vum 29. Oktober 2020)

1. D'Ziler vum nationale Concours

Den nationale Concours „Jonk Fuerscher» (hannenno: de Concours) gëtt säit 1971 all Joër vun der Fondation Jeunes Scientifiques Luxembourg (hannenno: d'Fondatioun) organiséiert. De Concours gëtt Jonke Fuerscher d'Geleeënheet fir hir Aarbechten dem lëtzebuergesche Publikum am Kader vun engem international unerkannte Concours ze presentéieren. Dëse Concours agéiert och als Trampolin fir u prestigiéisen, internationalen Wettbewerber, Foren a weidere Science-Aktivitéiten am Ausland deelzehuelen.

D'Participatioun um Concours stimuléiert bei de Jonken den Interêt un der Recherche, an inspiréiert an encouragéiert si doriwwer eraus fir eng Carrière an de Wëssenschaften an Technologien unzestriewen. Dëst ënnerstëtzt eng Zukunft déi op Wësse baséiert ass.

2. D'Organisatioun vum nationale Concours

D'Fondatioun ass als eenzeg Institutioun unerkannt an habilitéiert fir en nationale Concours fir Jonk Fuerscher am Groussherzogtum Lëtzebuerg auszeriichten. Si ass als eng Stëftung vun ëffentlechem Notzen unerkannt, konventionéiert beim Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE); si gëtt an hirer Missioun vum Fonds national de la Recherche (FNR) a vu private Sponsoren ënnerstëtzt. D'Fondatioun steet ënnert dem Haut Patronage vun Hirer Altesse Royale dem Ierfgroussherzog.

3. D'Bedéngungen fir beim Concours ugeholl ze ginn

a. All Jonken tëscht 11 an 21 Joer, deen entweder am Groussherzogtum wunnt oder do an enger Schoul ageschoult ass déi vum MENJE unerkannt ass, kann um Concours deelhuelen an e Recherche-Projet (hannenno: de Projet) an den Technologien, den Natur- oder Humanwëssenschaften erareechen.

b. De Projet kann entweder vun engem individuelle Participant eleng gedroe ginn oder vun enger Ekipp vu bis zu maximal 3 Persounen.

c. De Projet kann pluridisziplinär oder interdisziplinär sinn.

d. Déi Jonk kënnen e puermol um Concours deelhuelen, virausgesat datt hiren urspréngleche Projet eng signifikativ Evolutioun virweist oder andeems si e ganz neie Projet presentéieren.

e. Projeten, déi op déi eng oder aner Manéier esou agestuuft ginn, datt si e Risiko fir d'Gesondheet oder déi Ëffentlech Sécherheet duerstellen, sinn net zoulässeg.

f. Projeten déi Tester u Mënschen oder un Déieren (vertébrés an invertébrés) implizéieren, mussen déi aktuell Gesetzgebung respektéieren (d'Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwer den Déiereschutz esou wéi de modifizéierten groussherzoglechen Reglement vum 11. Januar 2013 iwwer de Schutz vun Déieren déi fir wëssenschaftlech Zwecker genotzt ginn).

g. D'Participatioun um Concours ass gratis.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux

4. D'Präisser a Belounungen

Am Kader vun der Fondatioun hire Méiglechkeeten gewënnt all Participant am Concours e Präis oder kritt eng Belounung.

Sollt et engem Participant net méiglech si säi Präis a Form vun enger Auslandsrees anzeléisen kann hien dëse leider net zu engem spéideren Zäitpunkt afuerderen. D'Fondatioun ass an deem Fall habilitéiert fir tëschent deenen anere Jonken en neie Beneficiaire fir de Präis auszewielen.

5. D'Zesummestellung vun der Jury

D'Memberen vun der Jury esou wéi hire President gi vum Verwaltungsrot vun der Fondatioun ernannt.

De Verwaltungsrot vun der Fondatioun suergt fir eng aggrégéiert Expertis an der Mathematik, de Liewens- an Naturwëssenschaften, der Industrietechnik, der Physik, der Chimie esou wéi den Human- a Sozialwëssenschaften.

6. D'Attributiounen an de Fonctionnement vun der Jury

Den Optrag vun der Jury besteet doranner d'Qualitéit vun den agereechte Projeten ze bewäerten an déi entspriechend Präisser a Belounungen un d'Participanten ze verginn.

D'Decisioune vun der Jury kënnen net kontestéiert ginn. Allerdéngs huet all Participant d'Recht fir sech un de President vun der Jury ze wenden a mëndlech déi entspriechend Erklärungen unzefroen.

D'Jury erfëllt hir Missioun op enger fräiwëlleger Basis.

7. D'Krittäre fir d'Bewäertung vun de Projeten duerch d'Jury

All Projet gëtt vun der Jury als e Ganzt gekuckt.

Déi heiten Krittäre gi bei der Bewäertung beuecht:

- D'Originalitéit vum behandelte Sujet;
- D'Kloerheet vun der enoncéierter Problematik;
- D'Qualitéit vun der investigativer Demarche (Hypotheesen, Ëmsetzung, ...);
- D'Méi bei der Finitioun an d'Gewëssenhaftegkeet vun der allgemenger Presentatioun vun der Aarbecht (d'Struktur);
- De perséinlechen Asaz vum Jonke Fuerscher a seng Maîtrise vum Sujet;
- De gesellschaftlechen a sozialen Interessi;
- Déi partenarial Dimensioun;
- Wann zoutreffend, d'Teamaarbecht.

De Schwieregkeetsgrad vum Projet esou wéi den Alter vum Kandidat ginn och berécksiichtegt.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux



8. D'Memberen vun der Jury

D'Jury vum Concours ass folgendermoossen zesummegesat:

1. Den Här Serge QUAZZOTTI, Direkter vum IPIL (Institut de la Propriété Intellectuelle Luxembourg), PhD an der Chimie, President vun der Jury;
2. D'Madamm Christelle BAHLAWANE, Clinical research assistant (Luxembourg Institute of Health), Spezialistin an der Molekularbiologie a Mikrobiologie;
3. Den Här Janusz BODEK, Historiker;
4. Den Här Yannick GAASCH, Doktorand an der Philosophie;
5. Den Här Jean-François HAUSMAN, Group leader an der Planze-Biotechnologie beim LIST (Luxembourg Institute of Science and Technology);
6. Den Här Gilles KOHL, Development Lead, PROCAD GmbH & Co
7. Den Här Emmanuel LIBEAU, IT Ingenieur, Senior Manager bei Accenture Luxembourg;
8. D'Madamm Valérie MAQUIL, PhD an de Computerwëssenschaften, Fuerscherin am IT for Innovative Services beim LIST;
9. Den Här Félix NOTHAR, Project Engineer bei Accumalux, spezialiséiert a Mechanical Engineering;
10. Den Här Philippe SERVAIS, PhD an der Pharmakologie, Apdikter an enger Offizin;
11. Den Här Jacek STANKIEWICZ, Research Associate op der Uni Lëtzebuerg;
12. Den Här Sébastien WIERTZ, Ingenieur an der Mechanik, Generalmanager bei Paul Wurth InCub.

9. D'Presentatioun vun de Projeten virun der Jury

Wärend dem Weekend vum Concours presentéieren d'Participanten hir Projeten virun der Jury.

All Titulaire vun engem Projet huet ongefëier 10 Minutten Zäit fir de Projet unhand vun enger argumentéierter Presentatioun iwwer d'Experiment, de Phänomen oder den analyséierte Prinzip virzestellen. Dës Zäit ëmgräift och d'Äntwerten op d'Froën vun der Jury.

All Titulaire vun engem Projet ka vun engem oder méi Memberen vun der Jury interviewt ginn.

10. D'Rechter an d'Flichten vun de Jonke Fuerscher

<u>D'Rechter vun de Participanten:</u>

D'Fondatioun organiséiert Formatioune wou d'Participante léiere kënnen wéi si hir Projeten am beschten managen an an engem zäitlech begrenzte Kader presentéiere kënnen.

A munche Fäll kann d'Fondatioun de Participanten hëllefen ee spezifescht wëssenschaftlecht Ekipement fir hir Projeten ze kréien.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux

D'Participanten hunn d'Méiglechkeet fir fir hir Projeten d'Ënnerstëtzung duerch en Tuteur unzefroen. Sie kënnen och op d'Hëllef vun der Fondatioun zeréckgräifen fir en Tuteur, e professionelle Wëssenschaftler oder e Laboratoire ze fannen. Allerdéngs dierfen dës net an d'Entwécklung an an d'Ëmsetzung vum Projet agräifen. D'Tuteuren an d'Ekipp vun der Fondatioun stinn de Bewerber wärend der gesamter Dauer vun hirem Projet zur Verfügung falls si eng Ënnerstëtzung brauchen. An deem Fall gëtt geroden d'Ekipp vun der Fondatioun esou schnell wéi méiglech ze kontaktéieren, entweder schréftlech (per E-Mail, DM), per Telefon oder andeems een um Büro laanscht kënnt.

Wa méiglech kréien d'Participanten d'Geleeënheet hir Projeten engem internationale Publikum am Ausland op Wëssenschaftsexpoen oder -kompetitioune virzestellen oder awer un wëssenschaftlech orientéierten Ausflich deelzehuelen, ausser an engem Fall vun héijerer Gewalt[1].

<u>D'Verflichtungen vun de Jonke Fuerscher:</u>

D'Jonk Fuerscher déi un dem Concours wëllen deelhuelen verflichte sech dat heiten Reglement ze respektéieren.

Si schreiwe sech am Concours an, entspriechend der Prozedur wéi se am Artikel 13 beschriwwen ass.

Nodeems si hire Projet ëmgesat hun, beschreiwen d'Participanten de ganze Virgang an engem Dokument dat tëschent 1.500 an 3.000 Wierder ëmfaasst.

D'Projeten sinn doriwwer eraus mat engem Poster z'illustréieren, mat engem kuerze Video (als Viewing-Link, wéi z.B. YouTube, Vimeo, etc.) oder awer unhand vun enger digitaler Presentatioun (PPT. PDF, Prezi, etc.).

Et mëcht den Zougang fir op de Concours méi einfach wann ee reegelméisseg seng E-Mailen checkt an dem Organisateur gewëssenhaft op seng E-Mailen äntwert.

All Laureat deen un engem internationalen Event deelhëlt muss e kuerzen Temoignage vu senger Auslandsexperienz erareechen.

11. D'Exklusiouns-Bedéngungen

D'Direktioun vun der Fondatioun behält sech d'Recht vir, fir e Participant vum Concours auszeschléissen an engem Fall vu schwéierem Feelverhalen.

E schwéiert Feelverhalen ass dobäi folgendermoossen definéiert:

- Noweislecht Fuddelen, Plagiat oder eng aner Form vun Onéierlechkeet, virun allem bei der Entwécklung vum Projet;
- Respektloost Behuelen vis-à-vis vun aneren;
- Widderhuelt Ignoréieren oder Briechen vun Instruktiounen, trotz Virwarnung;
- Feelen ouni valabel Justifikatioun wärend dem Event.

1 Ënnert anerem sinn automatesch Eventer als Fall vun héijerer Gewalt unzegesinn, déi net der Kontroll vun den Participanten ënnerleien, an déi bei der Aschreiwung fir de Concours net konnten virausgesi ginn a wou d'Suiten duerch entspriechend Mesuren net konnten evitéiert ginn, an deementspriechend d'Participanten vun hirer obligatorescher Presenz ofgehale goufen. Abegraff sinn deemno Naturkatastrophen, Epidemien, Pandemien, woubäi dës Lëscht net exhaustiv ass.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux



12. Den Zäitplang vum nationale Concours Jonk Fuerscher 2021

D'Preparatioun fir den nationale Concours Jonk Fuerscher 2021 fënnt an e puer Etappen statt:

- D'Aschreiwungsprozedur ass op vun en Donneschden, dem 1. Oktober 2020 un, bis e Freiden, den 12. Februar 2021;

- Zwou Informatiounssëtzungen ginn op d'mannst dräi Wochen virun dem Concours (eng op Englesch an eng op Lëtzebuergesch) organiséiert. Dës ginn virtuell iwwert e Live-stream ofgehalen. Mir recommandéieren den Participanten dorunner deelzehuelen, well si doduerch eng Méiglechkeet kréien fir hir eventuell Froen direkt kënnen ze stellen. D'Sëtzungen konzentréiere sech allgemeng op d'Presentatioun vun engem wëssenschaftleche Projet esou wéi op de Schutz vum intellektuellen Eegentum. D'Eenzelheeten zu dem Zäitpunkt wou d'Informatiounssëtzungen ofgehale ginn wäerten zurzäit kommunizéiert ginn. D'Umeldung geschitt iwwer registration@fjsl.lu ;

- **Freiden, den 26. Mäerz 2021:** Start vun der virtueller Plattform. Installatioun vun den Stänn;

- **Samschden, den 27. Mäerz 2021**: Daag vum Concours national Jonk Fuerscher am Forum Campus Geesseknäppchen (40, boulevard Pierre Dupong zu Lëtzebuerg);

- **Sonnden, den 28. Mäerz 2021**: Daag vum Concours national Jonk Fuerscher am Forum Campus Geesseknäppchen (40, boulevard Pierre Dupong zu Lëtzebuerg);

- **Méinden, den 29. Mäerz 2021**: Daag vun der Präisiwwerreechung fir d'Participanten unhand vun enger Zeremonie déi den Gesondheetsmoossnamen Rechnung dréit;

13. D'Prozedur fir sech unzemellen

- D'Aschreiwung fir de Concours national Jonk Fuerscher 2021 kann vun en **Donneschdeg, dem 1. Oktober 2020** un online iwwer den Internetsite vun der Fondatioun gemaach ginn: www.fjsl.lu.

- Bei der Aschreiwung muss all Titulaire (en individuelle Participant oder eng Ekipp vu bis maximal 3 Participanten) online e Formulaire fir eng Vir-Aschreiwung ausfëllen (pre-registration form).

- No der Vir-Aschreiwung invitéiert de finalen Umeldungsformulaire (final registration form) d'Participanten fir déi folgend Dokumenter z'ënnerschreiwen:

a) de Formulaire iwwer d'Billerrechter (image rights & agreement form),
b) dëst Reglement ënnerschriwwen an approuvéiert,
c) d'Projetsaarbecht.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux

Zesummegefaasst, et gi folgend Dokumenter fir eng vollstänneg Aschreiwung gebraucht:

- déi wëssenschaftlech Projetsaarbecht, am PDF-Format, déi tëschent 1.500 an 3.000 Wierder faasse muss (Wierder, net Charakteren), d'Deckblat an den Unhang sinn dobäi net matgerechent (akzeptéiert Sproochen: Englesch, Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch);
- de komplett ausgefëllte Vir-Umeldungsformulaire (pre-registration form);
- de Formulaire iwwer d'Billerrechter (image rights & agreement form) an d'Reglement vum Concours, allebéid ënnerschriwwen;
- d'Areechen vun engem Video (als Link) iwwer de Projet, dee manner wéi 5 Minutten dauert oder eng digital Presentatioun (PPT, PDF, Prezi, etc.).

Déi wëssenschaftlech Aarbecht muss déi folgend Elementer beinhalten:

- En Deckblat, dat kloer den/d'Titulaire(n) vum Projet identifizéiert;
- Eng Introduktioun;
- Déi ugestriewten Ziler, d'Methodologie an déi effektiv Resultater;
- Erklärungen (wann néideg), en Appendix an Unhang, déi d'Verständnis vum Projet verbessere kënnen;
- Eng kuerz Zesummefaassung déi de Sujet op eng pertinent Aart a Weis erläutert (an engem oder zwee Sätz, net méi ewéi 140 Charakteren, ouni d'Espacen).

Wann all déi virdrun opgeléschten Dokumenter bei der Fondatioun eragereecht goufen kritt den Titulaire vum Projet eng E-Mail déi d'Participatioun um Concours bestätegt.

14. D'Logistik an d'Organisatioun

Bei den Aktivitéiten déi direkt un de Concours gebonne sinn ginn d'Participanten wärend der ganzer Dauer vun hirer gefuerderter Presenz vun der Fondatioun betreit. Dëst esouwuel um organisatoresche wéi um finanzielle Plang (proposéiert Aktivitéiten, Moolzechten, etc.).

De Participant muss sech allerdéngs selwer ëm d'Logistik ronderëm säi Recherche-Projet këmmeren (Material, etc.) an ëm säin Transport bis bei de Forum Geesseknäppchen fir d'Veranstaltung.

D'Fondatioun stellt fir all Projet Material fir d'Stänn zur Verfügung:

- 2 Dëscher (80cm x 80cm);
- Pinnwänn fir d'Posteren, spréch:
  - entweder 2 Panneauen vun 2m x 1m
  - oder awer 1 Panneau vun 1,22m x 1,74m.

15. D'Reesen an d'Ausland

a. Déi international Aktivitéiten, déi als Präis vergi ginn an déi eng Begleetpersoun erfuerderen, ginn duerch erwuesse Persounen, déi d'Fondatioun bestëmmt, encadréiert.

b. D'Elteren vun de jonken Laureaten kënnen a kengem Fall als Begleetpersoun designéiert ginn.

Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux



c. D'Elteren oder déi gesetzlech Erzéiungsberechtegt musse sécherstellen datt déi jonk Laureaten, déi hinnen ënnerstinn, duerch eng Gesondheets- an Haftflichtversécherung ofgedeckt sinn.

d. D'Elteren oder déi gesetzlech Erzéiungsberechtegt verflichten sech fir déi néideg Attestatiounen fir d'Deelhuelen vum Laureat un den Auslandsaktivitéiten ze besuergen (e gëltege Pass, eng „Attestation parentale", eng Attestatioun vun der Haftflichtversécherung, eng Deklaratioun vun eventuellen Ernärungsproblemer, Intoleranzen oder Allergien, d'Uginn vun engem spezifesche gesondheetleche Probleem, wann néideg eng Bescheinegung mat den néidegen Impfungen, etc.).

16. D'Responsabilitéiten

D'Fondatioun ass responsabel fir d'Surveillance vun de Participanten wärend dem Concours.

D'Elteren oder déi gesetzlech Erzéiungsberechtegt si responsabel fir all wëssentlechen oder bewosste Schued dee vun engem mannerjäregen Participant verursaacht gouf.

17. D'Notzungsrechter

De Participant besëtzt a behält all intellektuell Rechter iwwer seng Aarbecht.

Wann néideg kann d'Fondatioun op Propos vun der Jury dem Participant roden seng Aarbecht patentéieren ze loossen.

D'Fondatioun huet d'Recht d'Aarbecht vun engem Participant oder vun enger Grupp vu Jonke Fuerscher entweder komplett oder deelweis ze publizéieren. Den Auteur gëtt dobäi genannt.

De Jonke Fuerscher trëtt seng Billerrechter of fir d'Verbreedung duerch d'Medien (Fotoen, Videoen, Presseartikelen, Interviewen, etc.).

Gelies an approuvéiert, den:

Ënnerschrëft:

. . . . . .

. . . . . .



Sous le Haut Patronage de
Son Altesse Royale le
Grand-Duc Héritier

Forum Campus Geesseknäppchen
BP 1387
L-1013 Luxembourg

www.fjsl.lu
+352 661 562 732
@fjs.lux